



VILLERCHER

zu Lëtzebuerg





VILLERCHER zu Lëtzebuerg

Vulle kommen a bal all Liewesraum vir an di verschidden Aarten hu sech am Laf vun der Zäit un déi speziell Liewesbedingungen ugepasst. E puer vun hinne wëlle mir eis zesummen an dëser Brochure ukucken.

Bei eis sinn d'Vullen alleguer gesetzlech geschützt, awer net nëmme si, mee och hir Näschter. An awer ginn eng Partie Vullenaarten ëmmer méi rar. Zesumme mat lech wëlle mer kucken, firwat dat esou ass a wat mer do dergéint kënne maachen.

Mir soen dacks: „eis“ Villercher. Sinn et iwwerhaupt eis? D'Schmewelen zum Beispill sinn nëmme 6 Méint bei eis, mee wou sinn se dann awer di aner Halschent vum Joer? Wéi fannen d'Zuchvullen hire Wee nees zréck, nodeems se de Wanter an Afrika waren?

Bei eis zu Lëtzebuerg si vun der „Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga“ an hiren Ornithologen (dat ass de wëssenschaftlechen Ausdrock fir Leit, déi Vulle studéieren) 290 Vullenaarten nogewise ginn. Dovunner bréien 140 hei am Land, di aner sinn nëmmen op der Duerchrees.

Kommt, mir kucken eis emol de Joreslaf vun de Vullen heiheem zesummen un.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement




LËTZEBUERGER
NATUR- A
VULLESCHUTZLIGA
www.lnvl.lu



FONDATION
Hëllef fir d'Natur
www.hfn.lu

 **Cactus**





“T’ass Fréijor an d’Vullen déi sinn ‘rëm erwaacht“.


Dat lëtzebuergesch Lidd kennt dir alleguer, oder? Op jidde Fall kënnen mir eis kee Fréijoer ouni Schmuel oder der Märel hire flotte Gesang virstellen.




D'Margréitchen

Allegretto.

L.Menager.



1. 'T ass Fréi - jor an d'Vul-len déi sin 'rëm er-waacht, an




1. d'Mar-gréit-chen huet sech e - raus och ge - maacht; si



1. huet d'wäiss Koll - rett-chen 'rëm fräsch u - ge - don,



1. bal si de Pou-fank ge - héi - ert huet schlon; sou



1. bal si de Pou - fank ge - héi - ert huet schlon.

Michel Lentz.



2. A gréng gin och d'Wise laanscht d'Weën an d'Pied,
D'Vioule vëstoppen sech heemlech am Schied;
D'Beem kréien nei Blieder, den Nuechtegall schléit,
De Wand séngt duurch d'Bëscher, wou d'Märeische bléit;
De Wand séngt duurch d'Bëscher, wou d'Märeische bléit.

3. An d'Sonn, déi rifft Blumme schnéiwäiss, rout a blo,
Wéi Stiren um Himmel sou vill sin der do;
Si rëschen a botze mat Faarwen sech räich,
A blénken a blätzen duurch Heck a Gesträich,
A blénken a blätzen duurch Heck a Gesträich.



Vullen am WINTER



De Wanter ass eng haart Joreszäit fir d'Vullen, besonnesch bei Frascht, Schnéi a Glätz. Vill vun eise Summer-vulle verbréngen dofir de Wanter am Süde vun Europa oder an Afrika. Anerer bleiwen hei oder kommen aus dem Norden bei eis op Besuch. Hinne ka gehollef ginn.

Kréien d'Inten am Wanter kal Féiss? Jo!

Fréieren Inten am Wanter? Nee! Inten hunn en agebauten Hëtzwiesseler an hire Been. Dat **waarmt Blut*** dat vum Kierper an d'Féiss fléisst, tauscht bal ganz seng Temperatur mat dem **kale Blut**** dat vun de Féiss an de Kierper fléisst: d'Féiss verléiere sou keng Wäermt an de Kierper killt net of. Duerch waasserdicht Plomme kënnst kee kaalt Waasser un hire Kierper.

* an den Arterien

** an de Venen



TIPP

D'FUDDERKLACK

D'Margarinn gëtt sou laang gewiermt bis se flësseg ass. Da ginn d'Kären 1 zu 1 dobäigemëscht. Dat Ganzt an déi hallef Kokosnossschuel schëdden an ofkille loossen; d'Fudder gëtt nees fest. D'Klack gëtt am Gaart d'Ennescht ierwescht opgehaangen, sou datt d'Fudder net naass gëtt.

Aplaz vun der Kokosnossschuel kann een och e Blummendeppe benotzen.





- ① **Spréif**
Star, étourneau sansonnet:
 D'Spréif gehéiert eigentlech zu den Insektefrësser, mee an der schlechter Joreszäit hält si ganz gäere Bire, Friichten an aner méll Saachen.

- ② **Éislécker Poufank**
Bergfink, pinson du Nord:
 Fir den Éislécker Poufank ass Lëtzebuerg schon am Süden; hee britt am Norde vun Europa a besicht eis als Wantergaascht.

- ③ **Kiischteknäppchen**
Kernbeisser, grosbec casse-noyau:
 Dee staarke Schniewel vum Kiischteknäppche weist, datt hien en typesche Kärefrësser ass, dee souguer Kiischtekäre knacke kann.



- ④ **Blomees**
Blaumeise, mésange bleue:
 Am Wanter ass d'Blomees ganz heefeg un der Fudderplaz, dack hängt si mam Kapp no ënnen un de Fudderbullen.



VULLEN AM WANTER RICHTEG FIDDEREN

Wat ee fiddere kann: Sonnenblummekären a Kärenmëschungen, Nëss, Huewerflacken, aalt Uebst, gedréchent Biren, Korinthen ... Et dierf kee Salz dra sinn, dat schued de Vullen. Also kee Brout, awer och Botter a Frittefett kommen net a Fro.

Opgepasst! D'Fudderplaz muss propper gehale ginn:

- regelméisseg d'Plaz botzen a mat gliddegem Waasser desinfizéieren, sou verbreed sech keng Krankheeten ënnert de Vullen
- d'Fudder net direkt op de Buedem streeën, soss vermëscht et sech mam Vullendreck
- et dierf net op d'Fudder reenen oder schneien

Ee Fuddersilo oder eng Fudderklack si gudd Léisungen.

Vullen am FRÉIJOER

Eng Partie Vulle kënnegen d'Fréijoer un: d'Huergänsen, déi iwwert eis Land no Norden ewechzéien, d'Schmeweile, déi zrëck kommen a besonnesch de Gesang vun de Vullen ass en Zeechen, datt d'Fréijoer ënnerwee ass.

Firwat sangen d'Vullen?

Ma ganz einfach: et ass de Männchen, deen duerch säi Gesang weist, datt en eng Plaz* fonnt huet, wou et sech gutt liewe léisst an datt hee staark a gesond ass. Ee Weibchen soll sou a säi Revéier gelackelt ginn, fir mat him en Nascht ze bauen an eng Famill ze grënnen. Gläichzäiteg ass de Gesank eng Warnung un di aner Männercher, fir aus dësem Revéier erauszubleiwen.

Haaptsaach opfalen

Passt emol gutt op: déi Villercher déi am faarwegste gefierwt sinn, hunn en einfache Gesank, wéi zum Beispill d'Meesen oder de Pillo. Firwat? Ma si kënnen sech mat hire faarwege Plomme bretzen. Di einfach schwaarz gefierwte Märel muss schon e flotte Gesank hunn fir opzefalen. Ee vun de Vulle mam schéinste Gesang huet eennt vun de schappegste Kleeder: d'Nuechtegailchen (Nachtigall, rossignol philomèle). Anerer falen duerch Kaméidi op: de Bontspiecht zum Beispill trommelt wéi geckeg un de Beem.

* (de Wëssenschaftler seet „Revéier“)

1



2



3

TIPP

NASCHTKËSCHTEN

Bei lech am Gaart an um Haus kënt der Naschtkëschtchen ophänken, an deene Meese, Spatzen an anerer dra bréie kënnen. Dës Këschtchen mussen ëmmer op enger dréchener Platz opgehaange ginn a si sollen net an der Mëttesonn hängen (am beschte Südost!). Esou eng Këschtchen kann ee mat e bësse Geschéck selwer aus Holz bauen. Déi 6 Stécker gi sou zesumme gesat wéi et op dem Bild niewendru gezeicht ass. Opgepasst, d'Dir gëtt nëmme mat 2 Neel festgemaach, sou datt een d'Këschtchen opmaache ka fir se am Hierscht ze botzen. Ënne gëtt d'Dir mat engem Kriechchen zougehal.

Duerchmiesser vum Afluchslach:

28 mm fir kleng Meesen, ...

32 mm fir grouss Meesen, Spatzen, ...





1 Bontspiecht

Buntspecht, pic épeiche:

Am Fréijoer ass d'Getrommels vum Bontspiecht an all Bësch a Park ze héieren; nee, hee kritt dovun de Kapp net wéi.

2 Routbrëschtchen

Rotkehlchen, rouge-gorge familier:

Moies fréi, schon éier d'Sonn opgeet, héiert een am Fréijoer deen e bëssen trauerege Flöte-Gesang vum Routbrëschtchen.

3 Schielmees

Kohlmeise, mésange charbonnière:


Vullen, déi an Hiele bréien wéi d'Schielmees freeë sech iwwert eng Naschtkëscht am Gaart; dacks fanne si keng natierlech Hielechten.



4 Hausschmuel

Mehlschwalbe, hirondelle de fenêtre:

Iwwerall an Europa bréngt d'Hauschmuel an hir Cousine, d'Stallschmuel (Rauchschwalbe, hirondelle rustique), déi gutt Joreszäit mat.



Material:

1	2 x	18 x 23/27	Säitestëcker
2	1 x	18 x 27	Rëckewand
3	1 x	18 x 25	Daach
4	1 x	23 x 13,2	Dir
5	1 x	15,6 x 13,2	Buedem

Vullen am SUMMER

Soubal et dobausse méi waarm gëtt, kann een och ëmmer méi dacks jonk Villercher gesinn, déi am Gaart ronderëm sprangen, jipsen an nach wëlle gefiddert ginn. Besonnesch zu dëser Zäit hunn d'Vullenelteren vill ze dinn, fir Fudder ze sichen.

Firwat sprangen di kleng Vullen aus dem Nascht ier se fléie kënnen?

Dofir gëtt et verschidde Grënn: et war ze waarm am Nascht oder et war keng Plaz méi ... Mee déi meescht jonk Vullen verlossen hiert Nascht éier hir Flillécken ausgewuess sinn.



Ganz heefeg ass dëst bei jonke Märelen an Eilen. Wann Dir e kleng Villche fannt, deen nach keng Plommen huet, da setzt en zréck an d'Nascht. Wann en awer scho Plommen huet, flattere kann an di Al sinn nach an der Géigend, da setzt dee Klenge an eng Heck oder e Bam, fir datt en net vun enger Kaz oder enger Kréi geholl gëtt. Et schued een dacks méi, wann een esou ee Villche mathëllt. Rufft eventuell d'Fleegestatioun fir wëll Déieren zu Diddeléng un, fir em Rot ze froen: www.centredesoins.lu.



TIPP

VULLEBIDDEN

Zemools an de waarme Summerdeeg sinn d'Vulle frou, wa si sech an engem Pull Waasser erfrësche kënnen. Duerfir kann een hinnen eng kleng Schossel mat Waasser ubidden, wou si sech buede kënnen. Mee opgepasst: setz dës Schossel net op de Buedem, well soss kann eng Kaz sech eruschlächchen an d'Vulle fänken! De Bord vum Gaardeweiher ka liicht esou geformt ginn, datt Villercher sech do ongestéiert buede kënnen.





1

Märel

Amsel, merle noir:

Déi jonk Märele sprangen ëmmer ganz fréi aus dem Nascht, och wa se nach net richtig fléie kënnen.

2

Leeëndecker

Mauersegler, martinet noir:

De Leeëndecker ass ee richteg Stadvull; hie gëtt dacks mat der Schmuewel verwiesselt, dobäi ass e guer net mat hir Famill an och duebel sou grouss.

3

Hausroutschwanz

Hausrotschwanz, rougequeue noir:

Den Hausroutschwanz bitt op den onméiglechte Plazen an a ronderëm d'Haiser: Bréifboîte, Rollluedekëscht, Entlüftungsschacht...



4

Hausspatz

Hausperling, moineau domestique:

Den Hausspatz sicht d'Noperschaft vum Mënsch; heen ass nach just ëm d'Haiser an Dierfer a Stied ze fannen.



NASCHT-KONTROLL



Zu dëser Zäit kënnt dir och roueg emol an eng Naschtkëscht eraluussen: besonnesch de Meesen mecht dat net vill aus. Opgepasst: net ze laang an ze dacks erakucken. Wosst dir, datt eng Blomees bis zu 12 Eeër an een Nascht leeë kann? Di jonk Meese gi virun allem mat Raupen an Insekten gefiddert. Meese sinn also fir de Gaart ganz nützlich Vullen.

Vullen am HIERSCHT

Wann et Hierscht gëtt, da maachen sech vill Vullen op de Wee an de Süden: si fléien a méi waarm Géigenden. Si maachen dat net, well et hinnen ze kal bei eis gëtt, mee well si am Wanter bei eis näischt ze fresse fannen.

Firwat maachen d'Krukerten ee „V“ * an der Luucht wa se fléien?


Ma ganz einfach: doduerch spueren si Kraaft. Dee Vull, dee vir flitt, schneit d'Loft an di aner hannendrun fléien a sengem Wandschiet a strenge sech manner un (wéi d'Velosfuierer am Tour de France). Vun Zäit zu Zäit flitt de ganzen Trupp am Krees: dann hu si eng waarm Loftstréimung (Thermik)** erreicht, vun deeër si sech e puer honnert Meter méi an d'Héicht brénge loossen. Duerno kënnen si eng gewësse Streck segelen a spueren esou och erëm Kraaft. Opgepasst: och Gänsen a Kormorane gi bei eis regelméisseg am „V“ gesinn.



TIPP

HIELENTER-SIRUP

- Zeideg Hielenter-Bire plécken a gutt wäschen
- Déi an en Dëppe féllen an ee Fong Waasser dobäischëdden
- Alles eng Véierelstonn opkache bis d'Bire verschrompelt a mätscheg sinn
- De ganze Bräi duerch en Duch filteren an an en anert Dëppe schëdden
- Am Duch gëtt de Saaft aus dem Bräi gedréckt
- De Saaft opkachen an Zocker bäi ginn (hallef souvill Zocker wéi Saaft)
- Réieren net vergiessen an alles 10 Minutte kache loossen
- De Sirup ass fäerdeg a kann a Fläschen agefëllt ginn



Graatschen an Hielenter

Déi séiss Friichte vum Hielenter liwweren de Vulle vill Energie. Bis zu 60 verschidde Vullenaarte konnten um Hielenter festgestallt ginn. Besonnesch d'Graatschen (Grasmücken, fauvettes) friesse seng Friichte gär am Ufank vum Hierscht. Planzt een Hielenter am Gaart, well och mir kënnen dovou profitéieren a Gebeess oder Téi maachen.



1 Schwarz Graatsch Mönchsgrasmücke, fauvette à tête noire:

Am Hierscht schloe verschidden Insektenfrësser, wéi d'Schwarz Graatsch, sech de Bauch mat Friichte voll, éier si a Richtung Mëttelmier fléien.

2 Huergäns oder Krukert Kranich, grue cendrée:

De „Lac du Der“ am Frankräich ass eng flott Plaz fir Huergänsen vun no ze bewonneren; all Joer iwwerwunteren e puer dausend Vullen hei.


3 Roude Schéierschwanz Rotmilan, milan royal:

De Roude Schéierschwanz ass ee vun de Gräifvullen, déi de Wanter net bei eis bleiwen ; eenzel oder a Gruppe gesäit een se am Hierscht um Himmel kreesen, éier se da weider a Richtung Süden zéien.

4 Schwarzstorch Schwarzstorch, cigogne noire:

Och de Schwarzstorch kann de Wanter net bei eis bleiwen.

- Wann ee wëll, kënnen déi zoue Fläschen an engem Bad 30 Minute gekacht a steriliséiert ginn
- Servéiere mat Waasser wéi eng Grenadine



KRUKERT ODER HUERGÄNS

Dës grouss Vullen bréien an Nordeuropa an a Russland an iwwerwunteren a Frankräich a Spuenien. Am Hierscht fléien se mat hire „Kruuh-kruuh“-Riff iwwer Lëtzebuerg. Huergänsen zéien iwwer zwou schmuel „Stroossen“ duerch Europa. Dat klengt Lëtzebuerg huet d'Chance, matzen op enger „Strooss“ ze leien.

Flug

D'Vulle sinn d'Meeschter um Himmel: duerch d'Fléie gëtt et fir si och keng Grenzen. Hir Liewesweis an hire Kierperbau sinn un d'Fléien ugepasst. U Gewicht gëtt gespuert: d'Plomme sinn immens liicht, trotzdem awer resistent. D'Schanke vun hirem Skelett si bannen huel a mat Loft gefëllt. Och d'Muskele sinn un d'Fléien ugepasst: d'Broschtmuskulatur ass besonnesch staark, wat hinnen erlaabt, kräfteg mat de Flillécken ze schloën.

De Flug erlaabt de Vulle sech fortzebewegen, Fudder souguer an der Luucht ze fänken a sech och a Sécherheet ze bréngen. Graff ënnerscheed een:

- de Kraaftflug, bei deem de Vull mat de Flillécke schléit, fir sech fortzebewegen

- de Segelflug, bei deem de Vull mat gestreckte Flillécke schwieft an eventuell eng Thermik ausnotzt, fir un Héicht ze gewannen.

Aussergewéinlech Leeschtunge bréngen dës Vulle fäerdeg:

- Verschidde Gänsen kënnen bis op Héichten vun iwwer 8000 Meter fléien, do wou d'Mënschen zousätzlech Sauerstoff brauchen.




De Leeëndecker ass ganz un e Liewen an der Loft ugepasst. Hie kann esouguer an der Loft schlafen.



- De Schwaarzstorch brauch vu Lëtzebuerg bis a Westafrika (ëmmerhin +/- 6000 km) ongeféier 25 Deeg. An engem Dag kann hie bis zu 500 Kilometer zrëckleeën.

- De Wanderfallék kann a sengem Juegdflug eng Vitesse vu bis zu 220 Stonnekilometer erreechen.



D'Küsteséischmuewel flitt all Joer 2 mol zwëschen hire Bruttgebidd an der Arktis an hire Wantergebidd an der Antarktis hin an hier: dat sinn ëmmerhi bal 40 000 Kilometer am Joer.

Vullenzuch

Haauptsächlech Insektefrësser fannen am Wanter net genuch Fudder, wann se sech net op Som oder Friichten ëmstelle kënnen.

De Waasservullen an dem Fëschplompert (Fischadler, balbuzard pêcheur) fréiert am wanterlechen Norden hire Liewesraum zou.



Och d'Storchen an d'Krukerten, déi gären wiesselwaarm Déiere friessen, mussen am Hierscht an de Süden.

Mat der Zäit ass sou de Vullenzuch entstanden.

Ënnert dem Begrëff „Zuch“ ass ee regelméisseg Hin- an Hirfléien tëschent zwee Gebidder ze verstoen.

Aner Aart, aner Gewunnecht

All Aart verhält sech anescht an esouguer an der Aart ginn et Ënnerscheeder.

D'Routbrëschtcher aus dem Norden verbréngen de Wanter bei eis, an een Deel vun eise Routbrëschtcher flitt bis un d'Mëttelmier. Déi südeuropäesch Routbrëschtcher zéie guer net.

Bei de Märelen ass et nach anescht. Déi meescht Männercher zéien net fort, mee vill Weibcher a Jonker fléien e puer honnert Kilometer an de Südwesten.

FIRWAT KOMMEN D'VULLE BEI EIS ZRÉCK?

Mee, firwat kommen d'Vullen dann am Fréijoer aus de südleche Géigenden nees zréck an den Norden, fir am Hierscht rëm mussen zréck ze fléien? Hei ginn et méi Grënn:

- Am Süde liewen natiirlech och Vullenaarten. Si si Konkurrenten bei der Sich nom Fudder. All zesumme géife se net genuch fannen, an dofir „wandere“ déi eng fort.

- Wa bei eis Wanter ass, dann ass an Afrika Reenzäit. Dat bedeit fir d'Vulle vill Fudder. Mee dono kënt d'Dréchenzäit, dann ass och am Süden net vill ze iessen do. Den Norden dogéint ass am Summer interessant: hei gëtt et eng Explosioun vun Insekten a kuerzer Zäit.

- Um Äquator dauert den Dag ongeféier 12 Stonnen. Am Summer dauert den Dag bei eis 16 Stonnen, an an de Polargebidder souguer bis zu 24 Stonnen. Wat een also méi am Norden ass, wat den Dag am Summer méi laang dauert. Dat bedeit zum Beispill datt een Insektefrësser och méi laang Insekten joe kann.



Fudder a Liewesraum

Fir sech keng Konkurrenz ze maachen, hu sech d'Vullenaarten am Laf vun der Zäit op di eenzel Liewesraim an hiert Fudder spezialiséiert.

Dat huet kierperlech Ännerunge mat sech bruecht. Sou hunn z.B. d'Waasservullen Schwammhait tèschent hiren Zéiwen fir besser schwammen ze kënnen. D'Spiechten hu kräfteg Zéiwen a Krallen fir sech um Baamstamm festhalen ze kënnen an e spatzen a staarke Schniewel fir am Holz Lächer ze klappen.



Och d'Verhalen huet sech spezialiséiert: De klenge Jäitzert „Teichrohrsänger“, rousserolle effarvatte baut säin Nascht nëmmen an de Lëtschen a sicht säi Fudder och nëmmen hei.

De Bontspiecht huet eng „Spiechtschmëtt“. Hie stécht een Dännendapp an eng Spléck a kann esou de Som erausschloen.



Un de Schniewelen kann een erkennen, op wéi ee Fudder d'Vulle spezialiséiert sinn:

	D'Kräizschniewel kënnen duerch d'Zaangeform vum Schniewel d'Däpp vun den Nolebeem opschlitzten an de Som erauszéien
	D'Kärefrësser, wéi de Pillo an d'Spatzen hunn een décke Schniewel fir hir Kären ze knacken
	D'Insektefrësser, wéi d'Routbrëschtchen hunn e spatze Schniewel fir séier no klengen Déieren ze picken
	D'Schmuewelen an de Leeëndecker kënnen hire Schniewel grouss oprappen fir Insekten am Flug ze fänken

	D'Gräifvullen hunn e kromme, schaarfe Schniewel fir hiert Fudder ze zerleeën
	D'Inten an d'Gänsen hunn e breede Schniewel fir Waasserplanzen opzehuelen
	De Groreeër huet ee laangen a spatze Schniewel fir kleng Déieren opzespiessen
	D'Limikolen hunn ee laange Schniewel fir an de Bulli ze picken a Wierm ze fannen



Vulle schützen

D'Bekassinn

Bekassine, bécassine des marais

war ëmmer ee Brutvull vu Lëtzebuerg.

Hire Bestand ass erlosch, mee all Joer komme se zréck fir bei eis ze iwverwanteren.

MEE WAT ASS IWVERHAAPT ENG ROUT LËSCHT?

D'Rout Lëscht vu Vullen zu Lëtzebuerg gëtt no internationale Regeln opgestallt. Vereinfacht: hei kommen d'Vullenaarten dran, vun deenen et der entweder nëmme wéineg ginn an/oder déi an der leschter Zäit staark ofgeholl hunn.

Da gi se a 4 Kategorien agedeelt:

- Virwarnlëscht
- A Gefor
- Staark a Gefor
- Ausgestuerwen

Vun den 130 Vullenaarten, déi zu Lëtzebuerg bréien, stinn der 42 op der Rouder Lëscht, sinn also a Gefor. Vill vun deene Vullenarten brauchen e besonnesche Schutz.

Vill vun eise Vullenaarte sinn an de leschte Jorzingte méi rar ginn oder sinn esouguer ganz verschwonnen. Dëst hängt haaptsächlech mat de Verännerunge vun eiser Landschaft zesummen. Beispill: iwver 80% vun eise Fiichtgebieder si verschwonnen. Wëll een dat verhënneren, da muss ee sech fir den Naturschutz asetzen. Dëst ass d'Aufgab vum Staat, eise Gemengen a vun eis alleguer. Och d'Naturschutzorganisatiounen spillen eng wichteg Roll.

Vulleschutz fänkt am eegene Gaart un. Jidderee kann hëllefen.

Hei e puer Rotschléi fir de Vullen doheem am Gaart ze hëllefen:

•Beem a Straicher aus eiser Géigend upflanzen! Zum Beispill Spackelter, Wäissdar, Hieselter, Vullekiischt, Wëlle Wäin, Wantergréng... bidden natiirlecht Fudder an eng Brutplaz.

•Loosst an ärem Gaart e „Wëllen Eck“: een Deel Wiss, déi net oder méi spéit geméint gëtt mat Blummen a wëlle Kraider. Hei bleiwen d'Planzen mat hirem Som de Wanter iwver stoen.



•D'Blieder an déi ofgeschnidden Äscht ginn op ee klengen Koup am Eck vum Gaart zesummegereecht. Hei verstoppt sech vill Gedéiesch iwver de Wanter.

Mee dat geet net duer, well vill Vullen vun der Rouder Lëscht kommen net an de Gäert an an den Dierfer vir. Fir si musse virun allem Fiichtgebieder, Hecken a Brooche geschützt an ënnerhal ginn. Duerfir setzen sech d'Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga an d'Fondatioun Hëllef fir d'Natur an.



VILLERCHER



zu Lëtzebuerg



Texter a Konzept: Patric Lorgé,
Gilles Biver – LNVL
Correctioun: Jean Weiss,
Melchior Ed – LNVL,
Lucien Czuga
Fotoen: Tom Conzemius,
Raymond Gloden, Patric Lorgé,
Gilles Biver,
Nico Hoffmann – LNVL
Illustratiounen: N.C.S., Createam
Lay-Out, Grafik & Saz: Createam
Fotograf: Jim Schmitz

Editioun Cactus, Januar 2007

All Rechter réserviert

www.cactus.lu

www.lnvl.lu

www.hfn.lu

www.environnement-public.lu

